

# SAND WEILER Aktuell

06-2023 14.06.2023

## Gemeinschaftsgaart

„An de Strachen“ gouf op enger Parzell vun der Gemeng e Gemeinschaftsgaart vun eise Gäertner ugeluecht. Et sinn 2 Hochbeeter an e puer Beeter um Buedem ageriicht. Et sinn ënnert anerem Zwiwwelen, Rubbarb a Grompere gesat ginn. Am Fréijoer sinn och 4 Uebstbeem geplanzt ginn.

De Gaart gëtt no ökologesche Methoden ugebaut, ouni Pestiziden, (chemeschen) Dünger oder GMOen. **Gitt beim Nätzen w.e.g. responsabel mam Waasser ëm.**

De Gaart ass fir all Awunner vu Sandweiler vu 7 bis 22 Auer zougänglech fir Uebst a Geméis ze planzen a fir aner Gaardefrënn, Noperen a Kolleegen ze begéinen an ze poteren.

## Jardin communautaire

Un jardin communautaire a été mis en place par nos jardiniers sur une parcelle de la commune dans la rue «an de Strachen». Vous y trouverez 2 parterres surélevés et plusieurs potagers au sol avec, entre autres, de l'oignon, de la rhubarbe et des pommes de terre. 4 arbres fruitiers ont été plantés ce printemps.

Le jardin est cultivé selon des méthodes écologiques, sans pesticides, fertilisants, engrais chimique ou OGM. **L'eau d'arrosage est à utiliser de manière responsable.**

Le jardin est accessible de 7 à 22 heures à tous les résidents de Sandweiler pour y cultiver des fruits et légumes et pour rencontrer et s'échanger avec d'autres adeptes du jardinage, voisins et amis.



GEMENG SANDWEILER
18, rue Principale
L-5240 Sandweiler
Tél.: 35 97 11 - 1 • Fax: 35 79 66
www.sandweiler.lu

## Reamenagement vun der rue d'Itzig

Nodeems d'rue d'Itzig 2021 an eng Gemengestrooss reklasséiert ginn ass, gëtt se elo **wärend de nächsten zwee Joer** ëmgebaut. D'Pläng fir den Ëmbau sinn a Zesummenaarbecht mam Ingenieursbureau „best" elaboréiert ginn.

**D'rue d'Itzig gëtt an eng Zone 30 ëmstrukturéiert** mat engem adequaten Ëmbau vun der Strooss an de Trottoiren esou wei mat der Installatioun vu Plateauen op all Kräizung fir d'Geschwindegkeet vun den Autoen ofzebremsen. Dës Plateaue wäerte mat enger gieler Epoxyharzbeschichtung iwwerzu gi fir datt se dem Autofuerer besser opfalen a Backe mat Blumme ginn op verschidde Plazen als Hindernis installéiert.

An der Entrée vun der rue du Pain an an der Entrée vun der rue Suebelwee ginn **Trottoiriwwerfaarten** aménagéiert, déi de motoriséierten Individualverkéier nach weider ofbremse sollen.

Fir den Awunner a Besicher d'Parken ze erliichteren, gëtt vis à vis vum Haus Nummer 50 an der rue d'Itzig **e klenge Parking mat 6 Parkplazen ageriicht**, vun deenen eng Parkplaz fir Leit mat besonnesche Bedierfnesser reservéiert wäert sinn.

Am Projet ass ënner anerem eng partiell Erneierung vun der Drénkwaasserleitung an eng Reprise vum Uschloss vun eenzelen Haushälter virgesinn.

Fir den zukünftegen Energieverbrauch ze reduzéieren, wäerten nei **dimmbar LED Stroosseluuchten** installéiert ginn. D'Faarf vun de Luuchte wäert adaptéiert gi fir den Impakt op d'Ëmwelt op e Maximum ze reduzéieren.

## Réaménagement de la rue d'Itzig

Suite au reclassement de la rue d'Itzig en voirie communale en décembre 2021 des travaux de réaménagement sont prévus **sur une durée de deux ans**. Les plans de réaménagement ont été élaborés en étroite collaboration avec le bureau d'études « best ».

**La rue d'Itzig sera aménagée en zone 30** avec le réaménagement adéquat de la chaussée et des trottoirs ainsi que l'installation de plateaux à chaque croisement afin de ralentir la vitesse des voitures. Ces plateaux auront un revêtement en résine époxy de couleur jaune afin d'attirer l'attention des conducteurs et des bacs de verdure seront installés à divers endroits en guise d'obstacles.

**Des trottoirs traversants** seront aménagés à l'entrée de la rue du Pain ainsi qu'à l'entrée de la rue Suebelwee ce qui aidera davantage à ralentir le trafic motorisé.

Pour faciliter le stationnement des résidents et visiteurs, **un petit parking avec 6 emplacements**, dont un emplacement pour personnes à besoins spécifiques, sera aménagé en face de la maison numéro 50 rue d'Itzig.

Le projet prévoit entre autres le renouvellement partiel de la conduite d'eau potable et la reprise des raccords des particuliers.

Des nouveaux **lampadaires LED modulables** seront installés pour réduire au futur la consommation d'énergie. La couleur de la lumière sera adaptée afin de diminuer au maximum l'impact sur l'environnement naturel.

## Treffpunkt

Mir si frou Iech matzedeelen, dass mir en neien Treffpunkt an der „rue de la gare" ageriicht hunn. D'Zil war et eng kleng convivial Plaz ze kreéiere wou d'Awunner sech treffen, diskutéieren a sech esou besser kenne léiere kënnen.

## Point de rencontre

Nous sommes ravis de vous informer que avons mis en place un nouveau point de rencontre, situé à la rue de la gare. Le but était de créer un petit espace convivial où les résidents peuvent se retrouver, échanger et apprendre à se connaître.



### Un all fréier Guiden a Scoute vu Sandweiler

Am Oktober 2023 sidd dir invitéiert op e Konveniat um Neihaischen. Wie gären dobäi wier, kann sech umellen

per Mail: konveniat@sandweiler.lgs.lu
per Telefon: 691 436 849 (Eugenie Fehlen)

Organisatioun: 50 Joer Sandweiler Guiden a Scouten

### A tous les anciens Guides et Scouts de Sandweiler

En octobre 2023, vous êtes invités à une réunion d'anciens au Neuhäusgen. Toute personne souhaitant y assister peut s'inscrire

par mail : konveniat@sandweiler.lgs.lu
par téléphone : 691 436 849 (Eugenie Fehlen)

Organisation : 50 ans des Guides et Scouts de Sandweiler